N° 8224
Entrée le 10.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.08.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 9. August 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Duerch den Ausbau vun der Déngschtbréck ënner der Autobunnsbréck „Pont Victor Bodson“ wier et méiglech, den Holleschbierg zu Hesper mam Houwald fir Foussgänger a Vëlosfuerer ze verbannen. Laut engem rezente Artikel an der geschriwwener Press géif dës Iddi allerdéngs aktuell vum Mobilitéitsministère net a Betruecht gezu ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Kann den Här Minister dëst confirméieren?*
- *Wa jo, aus wéi enge Grënn gëtt dës Iddi vum Mobilitéitsministère am Moment net consideréiert?*
- *Ginn et vu Säite vum Ministère alternativ Propose fir den Houwald mam Holleschbierg fir déi douce Mobilitéit ze verbannen?*
- *Wann net, wéi géif en eventuelle Projet ausgesinn?“*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten